



ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 24. September 2020

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Baussen-, Asyl- an Immigratiounsminister, un den Här Aarbechtsminister, un d'Madamm Familljeminister an un den Här Finanzminister weiderzeleeden.

An enger RTL „Background“ Radio-Emissioun huet den Här Baussen-, Asyl- an Immigratiounsminister den 19. September 2020 folgend Zuele genannt: Zënter 2015 hätten 11.600 Persounen zu Lëtzebuerg Asyl gefrot a 4.500 Persounen hätten de Schutzstatut kritt. An deem Kontext wéilt ech den Här Minister bieden, dës Zuelen nach ze präziséieren:

1. Wéi vill vun deene 7.100 Persounen, déi de Statut net kruten, sinn nach am Land?
2. Wéi vill vun deene 4.500 Persounen, déi de Statut kruten, hunn hir Famillje kënnen nokomme loossen an op wéi vill Persoune beleeft sech also den Total vun deene Persounen, déi mat engem Asyl- oder internationale Schutzstatut (den direkt Betroffene plus seng Familljememberen) zu Lëtzebuerg am Abléck liewen?
3. Wéi schlësselt sech dat no Nationalitéiten op?
4. Ass d'Familljenzesummeféierung zu Lëtzebuerg u bestëmmte Konditiounen gebonnen? Wa jo, wat fir Konditiounen sinn dat? Spillt et fir d'Familljenzesummeféierung eng Roll, ob de BPI sech zu Lëtzebuerg eng eegestänneg Existenz, ouni Hëllef vum Staat, opbaue konnt? Wann nee, wéi vill BPIen, ouni eegestänneg Existenz, konnten hir Famill nokomme loossen an esou nees vereenen? Wat sinn d'Ausgaben, déi de Staat zënter 2015, gerechent an ënnerdeelt no Joer, opgrond vun de Familljenzesummeféierung hat?
5. Wéi dacks an op wéi eng Manéier gëtt iwwerpréift, wéi eng vun deene Persounen nach e Schutz zu Lëtzebuerg brauch a wéi eng Persoune kee Schutzstatut méi brauchen?
6. Wéi vill Persoune mat Schutzstatut hunn zënter 2015 bis haut eng Aarbecht fonnt? Wéi vill sinn der op der ADEM ageschriwwen a mat wéi enge schouleschen oder berufleche Qualifikatiounen?
7. Wéi vill Persoune mat Schutzstatut kréien aktuell de Revis?
8. Wéi vill Persoune mat Schutzstatut liewen an engem Foyer a wéi vill hunn eng Wunneng vum Staat, vun de Gemengen oder vun anere sozial engagierten Acteuren ewéi z.B. dem Roude Kräiz oder der Caritas kritt?

9. Wéi grouss ass de gesamten Impakt vun deenen Asyldemanden an hirem Traitement op de Staatsbudget zënter 2015, opgeschlësselt no Joer, an de Kategorien: Bau vun Heemer, Locatioun vu Wunnengen, Scolarisatioun, Allocatioun fir DPlen, RMG oder REVIS fir BPlen, Rapatriementer, medezinesch- a Sozialleeschungen, Assistance judiciaire, Integratiouns- a Formatiounsprogrammer, personellen Ausbau an der Immigratiounsdirektioun, am ONA an op de Verwaltungsgeriichter, asw.?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten